SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 23/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'Fro n°635 schreift de Wirtschaftsminister, dass

1) de Recommandé électronique bei der POST Lëtzebuerg äquivalent mat engem Recommandésbréif a Pabeierform ass;
2) dass d'Regierung wäert un enger Promotioun vun dësem Service bei de Verwaltunge schaffen.

Domadder gouf leider net op d'Fro geäntwert, ob d'Bierger:innen dëse Service dann haut effektiv kënnen notzen. Eis ass ee Fall bekannt vun enger Verwaltung, déi den elektronesche Recommandé ignoréiert huet.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wann de Recommandé électronique haut schonns equivalent ass, firwat ignoréiere verschidde Verwaltunge beim Staat dësen?

2. Kann de Recommandé électronique, Stand elo, vun de Bierger:innen genotzt ginn, fir Korrespondenzen u staatlech Verwaltungen ze schécken a mussen all d'Verwaltungen dësen och unhuelen, wéi ee Recommandésbréif a Papeierform? Falls nee, ob wéi enger Base légale begrënnt sech, dass Verwaltungen dat net maachen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten